

# Jugendarbecht an d'Wuelbefanne vun de Jonken, grad elo!

De 24. Juni 2021 sinn d'Jugendarbechter/innen aus dem Land am Forum Geesseknäppchen zesummekomm, fir als Secteur gemeinsam no fir ze kucken a sech driwwer auszetauschen, wat déi Jonk de Moment brauchen a wéi een hinnen dëst ka bidden.



am Ophiewe vu ville sanitäre Reegelen an dem Aféiere vum Covid-Check-System huet et sech gelount, op déi nei Méiglechkeete fir d'Fräizäitgestaltung an eng positiv Entwécklung vun de Jonken ze kucken. Dëst virun allem am Hibleck op hiert Wuelbefannen, dat an der Pandemie vill gelidden huet an nach ëmmer leit.

**„Et besteet e verstärkte Besoin u sozialem Kontakt a Bewegung bei de Jugendlechen.“**

(Ausso aus der Ëmfro ënnert de Participanten)

Moies kruten déi 90 Participanten zum enge verschidde Studien, Ëmfroen a Beiträg zur aktueller Situatioun vun de Jonken an awer och eng Partie Initiativen a Praxisbeispiller fir d'Reaktivéierung an d'Stärkung vun hinne presentéiert. Sou huet de Jugendrot hir Enquête iwwer d'Wuelbefanne vun de Jonken, d'Universitéit den aktuelle Jugendbericht an den OKaJu d'Kannerrechter virgestallt. Donieft goufen den Appel à Projets vun der Œuvre Grande-Duchesse Charlotte, de Projet ARTICulate vu youngcaritas an d'Campagne #echwëllechkan vum SNJ thematiséiert. Op eng Réi vun dese Presentatioune gi mir an dësem Youthmag och nach méi am Detail an.

No der Mëttespau goufen dunn Workshops zu ganz ënnerschiddlen Themen ugebueden, dorënner: d'Jugendinformatioun, Wellbeing iwwer europäesch Programmer, d'Ënnerstützung vun Décrocheuren, de Jugendpakt, d'Kannerrechter, d'Jugendhaus vun der Zukunft an dat soziaalt Engagement. Hei konnten d'Participanten méi an d'Déift goen a gemeinsam Léisunge fir aktuell Schwierigkeete sichen.

Bei dëser Editioun war och fir d'éischt Personal aus de Lycéeën, wéi z.B. aus dem Service socio-éducatif oder dem SePAS, vertrueden. Dës flott Entwécklung weist, dass d'Thema souwuel bei non-formalen wéi och bei formale Bildungsstrukturen op Interessi stéisst.

Insgesamt huet d'Konferenz engem een allgemengen Iwwerbléck verschaf iwwer déi aktuell Lag vun de Jugendlechen a flott Mesuren déi um Terrain lafen. Si huet deem een oder anere vläicht eng Piste ginn fir eng nei Aktivitéit oder ee Projet ze starten. Awer si huet och vill Participanten an hirer aktueller Aarbecht, déi si fir déi Jonk leeschten, bestätegt.

### INFORMATIOUNEN

Wann dir interesséiert sidd, fir d'Dokumentatioun vun der Konferenz zougesecht ze kréien, kënnt dir dës gär iwwer folgend Mailadress ufroen: [manon.assa@snj.lu](mailto:manon.assa@snj.lu).

**„Di Jonk sinn erëm motivéiert fir ënner d'Leit ze goen. Si hu vill nei, innovativ Iddien a sinn insgesamt méi dankbar an oppe fir Ënnerstützung.“**

(Ausso aus der Ëmfro ënnert de Participanten)